

## Eng Cité Bibliothéik fir all Quartier:

### Eis Stad brauch e Réseau vun öffentleche Gemengebibliothéike fir Jonk an Al

#### **Wat proposéieren déi Lénk Stad?**

Mir wëllen, dass d' Stad Lëtzebuerg nieft der Cité Bibliothéik 4-5 aner öffentlech Gemengebibliothéiken an deene gréisste Quartiere schafft.

#### **Ass dat dann net total iwwerdrüwen?**

Absolut net. Eist Land ass haut kloer ënnerentwéckelt, wat Bibliothéikswiesen ugeet. Et gëtt am ganze Land nëmme 6 Gemengebibliothéiken. An der Stad gëtt et just eng eenzeg. Déi mécht zwar eng exzellent Aarbecht, mee dat eleng geet net duer. Haut ass d' Stad Lëtzebuerg méi grouss wéi Nanzeg a Metz. Nanzeg huet 4 Gemengebibliothéiken, Metz huet der 5. Et gëtt Zäit, dee Retard opzehuelen.

#### **Jo, mee an der Stad Lëtzebuerg gëtt et dach och d' Nationalbibliothéik...**

D' Nationalbibliothéik (BNL) huet eng aner Roll. Si soll besonnesch lëtzebuergesch Bicher oder Bicher vu lëtzebuergesch Auteure fir zukünfteg Generatioune konservéieren. Donieft ass si och eng Fuerschungsbibliothéik, wou all interesséiert Persoun Referenzwierker zu all méiglechen Theme fanne kann. Mee et fënnt een an der BNL net vill Ënnerhaltungsliteratur oder Kannerbicher. A scho guer keng Plazen, wou Kanner einfach fräi ronderëmmer lafen a spille kënnen.

#### **Mee d' Stad Lëtzebuerg gëtt sech dach awer Méi. Si huet Bicherschief opgestallt.**

Hutt Dir schon emol an déi Bicherschief gekuckt? Fënnt een do di beschten nei Kannerbicher, Ënnerhaltungsromaner a Graphic Novels? Éischer net... Dovun ofgesinn: Bibliothéike bidden haut vill méi wéi just eng Usammlung vu Bicherregaler. Et si Plazen, wou jonk Elteren sech kënnen treffen, während hier Kanner matenee spillen, zeechnen, oder Bicher kucken. Besonnesch bei schlechtem Wieder eng super Alternativ zu Spillplazen. Eeler Leit kënnen hei direkt bei sech am Quartier Bicher ausléinen oder matenee poteren, ouni musse wäit ze rennen oder Suen auszeginn. Leit, di daagsiwwer schaffen, kënnen hei och no der Aarbechtszäit nach verschidden einfach Gemengeservicer an Usproch huelen, wéi z. B. Valorlux-Tuten ofhuelen oder sech an Aktivitéiten aschreiwene.

#### **Am leschte City Magazin geet vill Rieds vu Veräinsbibliothéiken, déi et a vereenzelte Quartiere gëtt. Macht Dir deenen net mat ärem Projet onnéideg Konkurrenz?**

Op kee Fall! D' Offer vu Gemengebibliothéiken ass net déi selwecht. Veräinsbibliothéiken si virun allem fir hier Memberen do a meeschtens op ee Beräich spezialiséiert. Gemengebibliothéiken dogéint wendene sech un all Awunner vun der Stad a si manner spezialiséiert. Doriwwer eraus wier et awer och méiglech, fir Partnerschaften mat Veräiner an hire Bibliothéiken anzeriichten, z. B. fir de Leit d' Literatur aus verschiddene Länner méi no ze bréngen.

#### **Dir schwätzt vu 4-5 Quartiersbibliothéiken. Hutt Dir dann och scho konkret Pläng, wou déi kintene hikommen a wéi se kéintene ausgesinn?**

Jo. Mir mengen z. B. dass ee kéint zu Bouneweg, wou et vill jonk Famillje gëtt, eng **Kannerbibliothéik** schafen, d. h. eng Quartiersbibliothéik, déi besonnesch op Kanner ugeluecht wier. Woubäi natierlech och an deenen anere Quartiersbibliothéiken Espacen, Aktivitéiten a Bicher fir Kanner ze fanne wärene. Fir Hollerech hu mer virgeschloen, dass am ale Schluechthaus, wou d' Stad divers kulturell Aktivitéiten ënnerbréngen wëll, eng BD-théik sollt entstoene. Hei kéint ee BDen, Comics, Graphic Novels a Manga'e fannen – genee esou, wéi et z. B. am ale Schluechthaus vu Bomel bei Namur geschitt ass. Mir hunn dës Propositionen scho formell der Gemeng ënnerbreet an hoffe staark, dass se mat u Bord geholl gëtt! Fir d' Awunner vum Quartier, d' Schüler aus de Lycéeë ronderëm wier dat sécher eng super Nouvelle.

#### **Wat kann ech maachen?**

- Dir wëllt eis ënnerstëtzen? Kontaktéiert eis op [sekretariat@dei-lenk.lu](mailto:sekretariat@dei-lenk.lu) oder op Facebook!
- Dir fannt, dass d' Stad méi Bibliothéike schafe soll? Sot et hier op [coordinationculturelle@vdl.lu](mailto:coordinationculturelle@vdl.lu)!